



Carte Blanche Économique: Pierre Gramegna

Duebel Nationalitéit ass eng gëlle Geleeënheet fir eis Gesellschaft an eis Wirtschaft ze moderniséieren. Dëst Gesetz erlaabt fir d'éischt an eiser Geschicht, esou wéi et och a ville Länner geleeft ass, datt d'Ausländer déi eng Rei Joren hei gelieft hunn, d'Lëtzebuurger Nationalitéit kënnen kréien, ouni op hir Wuerzelen ze verzichten. Dat selwecht gëllt fir déi Lëtzebuurger déi am Ausland wunnen an d'Nuebelschnouer mat hirer Heemecht net schneide wëllen. Mä dëst duebel Nationalitéit-Gesetz geet natierlech iwwer d'individuell Sphär ewech an huet sozialpolitesch an virun allem och wirtschaftlech Konsequenzen. Ouni d'Ausländer géng eist Land iwwerhaupt net méi fonctionnéieren geschweig da wuessen an de grouse Rächtem dee mer kennen, erhalen.

Links

Media File

Haut schaffe méi wéi 2/3 Ausländer zu Lëtzebuerg, dovunner 41% Frontalieren an 26% auslännesch Résidenten, an ongeféier een Drëttel Lëtzebuurger. Am Privatsecteur schaffe meeschtens nach manner wéi 1/3 Lëtzebuurger. Dräi nei Entrepreneurere vu 4 sinn Ausländer. Et ass also vital datt Brécke gebaut ginn, fir datt vill vun hinne solle kënnen Lëtzebuurger ginn.

D'Abanne vun Ausländer iwwert duebel Nationalitéit-Gesetz bréngt méi Leit an den demokratesche Prozess a verstärkt hire Wëlle fir dauerhaft zu Lëtzebuerg Fouss ze faassen. Fir datt dat harmonesch verleeft mussen d'Ausländer beweisen, datt si genuch integréiert sinn, esou wéi de Gesetzesprojet et virgesäit. D'Lëtzebuurger Nationalitéit däerf net bradéiert ginn, an duerfir ass et normal, datt d'Gesetz, Couren iwwert eis Institutiounen virgesinn huet, an datt Léiere vun eiser Sprooch virgesinn ass. Datt eis Sprooch en Zeechen an e Mëttel vun der Integratioun sinn, ass net ze bestreiden. Mä wann d'Laat hei ze héich gesat gëtt, da besteet e grouse Risiko, datt d'Gesetz an der Praxis net wäert gräifen. Leider ass de Projet op dësem Punkt guer net ausféierlech. Mä e gëllene Mëttelwee kéint doranner bestoen, datt d'Kandidate missten d'Lëtzebuergesch passiv verstoe kënnen, an eng elementar an einfach Konversatioun op lëtzebuergesch féiere kënnen.

Duebel Nationalitéit Gesetz verschäerft awer och op verschiddene Punkten eis aktuell Gesetzgebung fir Lëtzebuurger ze ginn iwwert d'Naturalisatiounen. D'Durée de Résidence gëtt ouni Erklärung vu 5 op 7 Joer erop geschrauft.

Déi fënnf-Joer-Klausel ass eréischt 2001 agefouert ginn, an et besteet kee Grond dat elo erëm ze verlängeren. Lëtzebuerg géng soss an d'Kategorie vun deene strenge Länner kommen, wéi Däitschland an d'Schwäiz, woubäi mer de Moment équilibréiert an der Mëtt sti par rapport zu eisen Nopeschlänner wéi Frankräich an d'Belsch, déi méi op sinn.

Eng additionnel Verschäerfung vum Gesetz kënn och doduerch datt déi aktuell Optionsméiglechkeete fir Lëtzebuurger ze ginn, ofgeschaf ginn. Dat ass haaptsächlech Schued fir d'Optioun vum Conjoint deen e Lëtzebuurger bestiit. All Länner an Europa gesinn esou Optiounen fir an hu fir dëse Fall vill manner strikt Konditiounen, an zwar meeschtens eng Durée de Résidence vun 2 bis 3 Joer, esou wéi Lëtzebuerg dat och

de Moment nach huet. Dës Optioun missten also bäibehale ginn.

Am Resumé kann ee soen, datt dat Duebel-Nationalitéit-Gesetz eng gutt Saach ass, mä net däerf als Prétexte gebraucht gi fir d'Naturalisatioun méi streng ze maache wéi elo.

Duebel-Nationalitéit-Gesetz kann net all d'Problemer vun der Integratioun léisen, obwuel et e gutt a fir Lëtzebuerg en innovatiivt Instrument ass fir se ze fuerderen. Dëst Gesetz kann awer an der Praxis nëmmen dann Erfolleg hunn, wann de Gesetzgeber an d'Regierung dee richtegen Equiliber fannen zwëschent genügend Integratioun vun Ausländer an déi néideg Ouverture déi eist Land braucht.

16/05/2007